LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 14 février 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
14 FEV. 2019

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement

Service Central de Législation
43, boulevard F.D. Roosevelt
L – 2450 Luxembourg

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°147 du 4 janvier 2019 de l'honorable député Monsieur Jeff Engelen, concernant l'extension de l'autoroute A3, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247-93308

Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, François Bausch op parlamentaresch Fro n°147 vum 4. Januar 2019 vum Här Deputéierte Jeff Engelen

A senger parlamentarescher Ufro wollt den honorabelen Deputéierte Jeff Engelen sech iwwert den Ausbau vun der Autobunn A3 op 2 mol 3 Spueren informéieren.

D'Gesetz zum Ausbau vun der Diddelenger Autobunn A3 gouf, nodeems et de 24. Abrëll 2017 am Regierungsrot ugeholl gouf, de 15. Dezember 2017 vun der Chamber gestëmmt.

Duerno sinn d'Ausféierungsstudie lancéiert ginn an haaptsächlech déi verschidde Geneemegungsdossieren ausgeschafft ginn. Op Basis vun deenen néidege Geneemegungen an Zoustëmmunge kënnen d'Aarbechten ausgeschriwwe ginn. Dat war 2018 nach net de Fall.

Den Ausschreiwungsdossier vum 1. Deel (Gaasperecher Kräiz - Aire de Berchem) ass am Gaang fäerdeg gestallt ze ginn esou dat déi Aarbechten dëst Joer kënnen ausgeschriwwe ginn. D'Aarbechte kënnen dann Ufank 2020 ufänken.

De Phasage vun den Aarbechten iwwert d'Zäit gekuckt gesäit esou aus:

Lous A : Gaasperecher Kräiz - Aire de Berchem
Lous E: Beetebuerger Kräiz - Zoufftgen an den Uschloss Diddeleng Zentrum
Lous B: Ëmbau vum Uschloss Léiweng a Verbreedung vum Viaduc
Lous D: Ëmbau vum Beetebuerger Kräiz
Lous C: Léiweng - Beetebuerger Kräiz

Et wäert am Prinzip net zu Vollspäre kommen an et wäerten ëmmer zwou agëengte Spuere fir de Verkéier opbleiwen, ausser eventuell de Weekend während verschiddene Phasen.

D'Aarbechte ginn also esou organiséiert dass an der Regel ëmmer zwou Spuere fir de Verkéier an all Richtung opbleiwen. D'Geschwindegkeet gëtt allerdéngs am Chantiersberäich op 70 Stonnekilometer erofgesat, fir Accidenter an esou Stéierungen ze vermeiden.